

Eist Spill: Wou? Wat?

An der leschter KLACK (119) war et de Michel Lentz um Medaillon, op dem Hôtel Schintgen an der Enneschtgaass.

Eis bescht Wënsch fir:

Cliff Priester, Käl;

François Wünsch, Stad;

Andrée Reder, Péiteng;

Peggy Moes, Waaserbëlleg;

François Muller, Dellen.

A wie fënnt dee stenge Männchen hei an der Stad...
dausende Leit ginn elo dolaanscht!



(Photo M.V.)

Famill?

An der Zäit stong an de franséischen Doudesannoncen den Ausdrock vu "familles apparentées". Nodeem en etlech franséisch-Spezialiste reklaméiert haten, ass dat riichtgebéit ginn, an zwar op «familles parentes». Méckepéilerei? Neen, well wann een eng Sprooch gebraucht, dat och nach gedréckt, da soll et grammatesch an orthographesch an der Rei sinn.

Zënter datt d'Actioun-Lëtzebuergesch **uganks de 70er Joer 5 Joer laang** hir Campagne fir lëtzebuergesch Familljenannonce gemaach huet – fir déi eise Comités-Member Robert Philippe iwrengens deemools iwver 5 000 Kaarten a Bréiwe fir eise Merci an d'Bäileed geschéckt huet – ass déi Saach mam franséischen net méi esou aktuell... vun 2% Lëtzebuergesch Annonce vis-à-vis vun 98% däitscher a franséischer si mir haut op méi ewéi 90% an eiser Sprooch... dorun hat deemools knapps ee gegleef: dat wier onméiglech!... haut ass et normal. Net géint franséisch oder däitsch, mä fir d'Lëtzebuergesch. Datselwecht géillt fir aner Schreiwereien, déi ni an eiser Sprooch waren. Wat ass da virun 1972 op enger Menüs-Kaart gewiescht, op enger Plakat, op Reklammen? Franséisch an Däitsch! Kuckt emol an Zeitung vum der Zäit.

Intressant ass eise Sprooch-Gebrauch iwverhaupt, wat d'Famill ugeet. Iwwersetzt emol op Däitsch, franséisch oder Englesch **"mir si Famill mam René"**: *Wir sind Familie mit René? Nous sommes famille avec René? We are family with René?* Do laachen d'Hénger vu Beetebuerg bis op Elwen, gellid... ower et ass eent vun Dausend Beispiller, datt eis Sprooch en eegent Gesiicht huet!

■ H.M.

Typesch...

Mir ginn äis net!!! Sot dat emol op däitsch, franséisch oder englesch. Net einfach, gellid. A sot emol zu Mainz oder Stuttgart **"gëff dech mat deem Gelitts / Gesouers / Heeschchen"**... oder **"op der Glécht ass et méi séier gaang"**, da gitt dir bekuckt wéi wann dir "doruechter" wiert.

Eis Sprooch, vrun allem eng "Schwätz", huet sech iwver d'Joerhonnerten dach ower anescht entwéckelt; d'Mëschung vu Leit a Geschicht(en) ass nun emol eng aner wéi soss enzwou. Dat verhënnert de **«Glach»** net. D'Italiénescht, d'franséisch, d'Spuenescht an d'Portugiesesch sinn och alleguer (romanesch) **«Famill mateneen»**, hunn ower eng aner – vrun allem eng schréftlech – Evolutioun matgemaach. Milliarde vu gedréckte Produkter, Schoulbicher, Schrëftstellerei a Wëssenschaftler hunn déi 'Idiomen' a Regele fixéiert, regléiert, «consolidéiert». Eis Sprooch ass bis elo praktesch(!) nëmme mëndlech weidgereecht ginn. Si geet zënter ronn 50 Joer en aneren – och schréftlech – Wee... kritt op engem méi festen a breede Fëllement en zolitte Fong... dee mir äis net duerch Schreifweisgefëschters solle vergrimme loosse! Wat ass dat Wichtigst: d'Bild oder d'Rumm? ■ P.W.

"PUZZLESTÉCKER"

Wien d'Kultur-Bäiluecht WARTE e bësse méi genee liest, aplaz séier ëmzebliederer, fir bei de Sport an d'Doudesannoncen ze kommen, deen huet ewell dacks kleng Artikelcher vum Emil ANGEL erbléckst, déi een op méi "dees" glëschtreg maachen. Ech hunn d'Chance de "Mil" ewell laang a gutt ze kennen. A well dat esou ass, kann ech ouni bëllekt Reklamme-Gesiffts soen, dat hien äis hei eppes an eiser Sprooch schenkt, dat verhale glënnert ewéi eng Kette mat faarwege Stengercher: **luusseg gekuckt, nodenkerlech getiermt, séileroueg iwverluecht a wonnerbar einfach geschriwwen**... dat muss een esou kënnen. Wann een et net kann, da soll een et ewéi gutt Mäifelcher genéissen! Fir seng Kultur... a fir eis Sprooch.

52 deer butzeger "Luuss-Texter" vum Emil Angel sinn elo als Buch erauskomm, e Buch dat iwverall als Cadeau ka Freed maachen, wou weder de gudder Football, nach de Krimi nach eng latzeg TV-Serie d'Haaptbeschäftigung sinn: **Emil Angel: Puzzlestécker, Editioun "littérature /saint-paul"** an dat fir nëmme 15.50 €... knapps de Präiss vun engem «Oktav-Fësch»! ■ L.R.

e Schrëtt?

Et soll ee kengem eppes verdenken – alt nach esou en typesch lëtzebuergesch Ausdrock – dee **beim séiere Schwätzen an houdäitsch Schinne** geréit. Gelungen ass et just, datt der vill sech verschimmt oder verbruet mat der Ursaach erauskabbelen, dat wier dach "al" an et gif och kee méi dat esou soen...wat d'meescht net stëmmt!

Beispill: **Ass et e Schrëtt, e Schrack oder e Schrëck?** Huet *Schrack* oder *Schrëck* eppes mat "aler Sprooch" ze dinn? Neen, et ass just deer Wierder eent, dat duerch déi däitschsproocheg Televisioun a Press iwverdubbert gëtt a verblätzt! De Pluriel vu Schrack ass Schrëck, a Schrëck war och eng Zäit laang als Eenzuel/Singulier am Gebrauch... z.B. am alleréischte Bichelchen, dat den Tunn Meyer 1829 ënnert dem Titel *"e Schrëck op de Lëtzebuerg Parnassus"* erausginn huet; dee Gebrauch ass also al, mä d'Wuert selwer net.

Zu Dikrech um Härebiere ginn d'Zaldote geléiert *"am Schrack goen / de Schrack halen"*, net de Schrëtt. Datselwecht maachen eis Pompjees-Frënn beim Marschexercice; zu lechternach geet d'Sprangprëssioun dräi Schrëck vijenzeg an zwéi Schrëck hannerzeg... leider geet eise Sproochgebrauch bei ville Leit ëmgedréint: zwéi Schrëck vijenzeg an dräi Schrëck hannerzeg... dat ass schued, well et wier esou einfach – a fir eis Identitéit esou wichteg – datt mir et mat deem Bësse wat mir hunn, géngen *an der Riicht halen*... oder muss een elo soen "oprecht erhalen"? ■ AL

Eis Sprooch an d'Constitioun

Ceterum censeo (6) vum Lex Roth


Zënter dem leschten Dezember geet hei rieds dovun, datt mir äis net ginn, fir eis Sprooch an eise iewesch Gesetz, d'Constitioun, ze kréien. Fir deer Iddi eng Zort Markenzeichen, e Logo ze ginn, guf e weltbekannte verkierzte Sprooch vun engem ale Réimer gebraucht, deen sech dru gehal huet "wéi de Geck un de Bengel", datt Cartago (ongeféier Tunis) misst zerstiéiert ginn, well et eng strategesch Gefor fir d'Réimerräich war: CETERUM CENSEO...

Wann an de leschte 5 Nummere vun eiser KLACK dat **"ceterum censeo" op d'mannst 15mol ernimmt** ginn ass, an zwar mat zweemol C, da kann et jo nëmme e "Vertippert" sinn, wann an der KLACK 119 "Censeo" als "Senseo" eragerëtscht ass... a wien huet sech nach net verschriwwen? Iwwrengens: Wien näischt mécht, deen näischt brécht... a kritikasteren ass nun emol méi einfach ewéi eppes konstruktives maachen / schreiwene.

Et war lëschtteg, ower och intressant, dee "Lapsus calami = Ausrëtschert" vun en etleche "gestudéierte" Leit genësseg dohinner gedixt ze kréien. Vu **Leit, déi iwver de Fong vum Geschreifs – eis Sprooch an der Verfassung – ower och net een eenzeg Pipjeswiertche verluer hunn!** Dat erënnert äis u Schoulmänner, déi an enger Prüfung ëmmer nëmme op Fehler geridde sinn, ower ni e gutt Wuert fir dat haten, wat an der Rei war. Komescherweis guff / gëtt dat dann och nach "Verbessere" vernannt, wa speziell spezialiséiert Spezialisten sech un engem Pak "Aufgaben" defouléieren. Theoretisch kann/konnt dat dozou féieren, datt ewell am éischte Véierel vun enger Prüfung all méiglech Punkte fort sinn/waren: d'Datz ass zeideg iert och nëmme en Donst op eng Chance besteet. Vive d'Pädagogik an d'Fangerspëtzegefill mat de Boxmoulen!

Sou, dat wier et dann emol mat deem latzege Gemierwels. Vill méi wichteg ass an deem Zesammenhank eis Aarbecht, fir d'Lëtzebuergesch an eis Verfassung ze kréien... an dat Gewudders schéngt op deer richteger Schinn ze lafen! Eppes un der Constitioun ze änneren, eppes eraus oder eran ze kréien, dat ass eng ganz kriddeleg a komplizéiert Saach an engem Rechtsstaat, dee jo offiziell **«konstitutionell Monarchie»** heescht. E konstitutionelle Changeement brauch eng zweedréttel Majoritéit an der Chamber; nach besser ass et jo, wa praktesch Eestëmmegkeet engem Prinzip aus der Verfassung e Fëllement soll ginn. Dofir ass et **gutt a wichteg, datt net liichtfankeg um Grondgesetz ka gefréckelt ginn**... wann dann eppes geännert gëtt, dann huet dat herno ower och grad duerch déi streng Fassong de Status vum zolitte Fong! Heibannen, an nach vill méi wichteg: dobaussen.

An dese Wochen ass do e sëlliche gelaf. All Chamberfraktioun huet sech bannent der spezieller Constitiounscommissioun schréftlech mussen entscheiden, wéi si sech zu eiser Sprooch an der Verfassung stellt. Fir den Ament kënnen a wëlle mir keng Eenzelheeten doriwver schreiwene, ower eent ass sécher: Et gesäit net schlecht aus! Déi Manéier (eng 'litote') ass zimlech typesch lëtzebuergesch, fir ze soen, d'Saach wier um gudder Wee!



Deutsch-luxemburgisches Wörterbuch

Das unentbehrliche Nachschlagewerk mit 38.000 Stichwörtern und Wendungen.

- von Experten ausgearbeitet
- neuester Stand der deutschen und luxemburgischen Rechtschreibung
- am heutigen Sprachgebrauch orientiert
- Berücksichtigung der Fachsprache (Informatik usw.)
- Angaben zur Aussprache und zur Phonetik des Luxemburgischen

Für jeden, der sich beruflich oder privat mit der luxemburgischen und der deutschen Sprache befasst, stellt dieses aktuelle Wörterbuch der éditions saint-paul ein zuverlässiges Nachschlagewerk und einen praktischen Ratgeber dar.

39,50 €

Im Buchhandel oder portofreie Lieferung bei Überweisung auf das BCEE-Konto saint-paul luxembourg LU61 0019 1300 6666 4000 (bitte Titel angeben).